ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 18. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir déi ëffentlech Funktioun weiderzeleeden.

Zënter e puer Joer gëtt net méi verlaangt, datt am ëffentlechen Déngscht jiddereen déi dräi administrativ Sprooche vum Land schwätzt. An enger ganzer Rei vu Gesetzer sinn Dispositioune geholl ginn, déi et erlaben, mat Kenntnesser an nëmmen enger oder zwou vun deenen dräi Sproochen, beim Staat ze schaffen.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Har Minister der Chamber eng aktualiséiert Lëscht vun alle Funktiounen am ëffentlechen Déngscht schécken, fir déi net méi verlaangt gëtt, déi dräi administrativ Sprooche vum Land ze schwätzen? Kënnen op där Lëscht och d'Karriären an d'Verwaltunge präziséiert ginn, fir déi dës Sproochereegelunge gëllen?
2. Wéi vill Leit sinn am Ganzen op dëse Plaze positionéiert ginn a wéi eng Nationalitéit hunn dës Leit? Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng vun deenen dräi administrative Sproochen dës Leit jeeweils schwätzen an op wéi engem Niveau?
3. Ass d'Regierung grondsätzlech der Meenung, datt den ëffentlechen Déngscht zu Lëtzebuerg an éischter Linn soll lëtzebuergeschsproocheg sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten